



Här Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 5. November 2024

Här President,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

E [rezente Bäitrag op science.lu](#) (enger Websäit, déi vum Fonds National de la Recherche an Zesummenaarbecht mat Persounen aus dem Beräich vun der Wëssenschaft an der Fuerschung bedriwwen gëtt) behandelt d'Fro vum Smartphone-Verbuert an de Schoulen. Wéi aus dem Artikel ervirgeet, ass d'Datlag zum Handyverbuert nach éischter dënn. Et ginn eng Rei Etüden, déi sech allgemeng mat den Auswierkunge vun engem ze héije Smartphone-Konsum bei Kanner a Jonke beschäftegen, mee wat konkret d'Wierkunge vun engem Verbuert an de Schoulen ugeet, feelt et nach un Etüden, déi op Lëtzebuerg uwennbar wieren. Am Bäitrag steet heizou:

„Ein Blick in die Forschung zeigt: Während es viele Studien gibt, die einen negativen Impakt von zu hohem Smartphonegebrauch auf Jugendliche und Kinder zeigen, ist die Wirkung von Smartphone-Verboten in Schulen noch unsicher und die Regelungen in Schulen von Land zu Land anders“.

Zu den Ziler, déi mat engem Smartphone-Verbuert erreicht solle ginn, gehéieren z. B. d'Verbesserung vun de perséinleche Kontakter tëscht de Schüler:innen, d'Reduktioun vun Oflenkung an domat d'Verbesserung vun der schoulescher Leeschtung an eng positiv Auswierkung op déi mental Gesondheet. Doduerch, dass d'Fuerschung ronderëm e Smartphone-Verbuert nach net weit genuch virgedrongen ass, fir sécher Resultater presentéieren ze kënnen, bleift ofwaarden, ob dës Ziler duerch déi lëtzebuergesch Verbueter erreicht wäerte kënnen ginn. Aktuell ass virgesinn, dass et fir d'Lycéeën – anescht wéi fir de Fundamental – kee generell a verpflichtend Verbuert soll ginn, mee et de Schoulen hei soll fräistoen, eege Reegele fir d'Limitatioun vun der Smartphone-Notzung opzestellen. Esou kann et gutt sinn, dass et Ennerscheeder bei den Impakter vun de Smartphone-Verbueter wäert ginn.

Eng Rei Fuerscher:innen solle schonns Interessi gewisen hunn, fir d'Smartphone-Verbueter wëssenschaftlech ze suivéieren. Heizou heescht et am Bäitrag op [science.lu](#).

„Britische wie deutsche Forscher sehen hier eine willkommene Chance, eine wissenschaftlich begleitete Pilotphase mit Regeln für fünf bis sechs Schulen zu starten. Deren Wirkung könne nach einigen Monaten überprüft werden, aus dem Vorher-Nachher-Vergleich könnten dann allgemeingültige Maßnahmen abgeleitet werden. Das reduziere auch den Aufwand für die einzelnen Schulleitungen erheblich. So eine wissenschaftliche Begleitung oder Testphase ist laut

Bildungsministerium zwar nicht geplant. Die Sekundarschulen seien aber gehalten, Prozess und Resultat ihrer Smartphone-Regelungen zu dokumentieren und zu veröffentlichen. An Evaluierung interessierte Forscher seien herzlich gebeten, das Ministerium zu kontaktieren.“

An deem Kontext géinge mir dem Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend gäre folgend Froe stellen:

- Ass et richtig, dass keng wëssenschaftlech Begleedung vun enger Testphas virgesinn ass?
- Goufen d'Direktiounen aus dem Secondaire gefrot, ob si Interessi drun hätten, Deel vun engem wëssenschaftlech suivéierte Pilotprojet ze ginn?
Falls jo, wéi waren d'Retouren? Wieren d'Direktioune bereet mat Fuerscher:innen zesummen ze schaffen an dozou bäizedroen Daten ze sammeln, déi wëssenschaftlech méiglechst signifikant a vergläichbar sinn, fir op där Basis kënnen ze entscheiden, wéi eng Aschränkungen bei der Smartphone-Notzung fir déi Jonk am beschten sinn?
Falls nee, wisou gouf de Sujet (nach) net mat de Concernéierte beschwat?
- Ass et richtig, dass de Minister d'Dokumentatioun vum Prozess an de Resultater vum Smartphone-Verbuet an d'Hänn vun de Schoule wëll leeën?
Falls jo, wéi wäert de Minister garantéieren, dass d'Dokumentatioun an déi domat verbonnen Datenerhiewung wëssenschaftleche Standarden entsprécht, esou dass duerno Vergläicher tëscht de Schoulen an eventuell Schlëss vun de Stéchprouwen op d'Gesamtpopulatioun méiglech sinn?
- Ginn et scho Pläng, wéi den Observatoire national de l'enfance, de la jeunesse et de la qualité scolaire an d'Evaluatioun vum Smartphone-Verbuet soll abezu ginn?

Mat déiwem Respekt,



Ben Polidori
Deputéierten



Francine Closener
Deputéiert



Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1461 vun den honorabelen Deputéierte Ben Polidori a Francine Cloesener

Déi gesond Screen-Life-Balance vun eise Kanner ass eng gemeinsam Aufgab an eng gemeinsam Responsabilitéit. Dofir schwätzt de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) Recommandatiounen aus fir eng Benotzung vun digitalen Outilen pro Alterskategorie. Dës gëllen an der Famill, genee sou wéi fir d'Schoulen an d'Strukture vun der non formaler Bildung.

D'Décisioun fir d'Notzung vum Smartphone an de Schoulen anzeschränken baséiert op enger Analyse vu wëssenschaftlechen Etuden. Notamment och déi lescht PISA-Etude huet nogewisen datt wann de Smartphone bei de Schüler méi present ass, an der Bänk oder an der Täsch, d'Schoulresultater méi schwach ginn. Dës Erkenntnisser, mee och de Feedback aus de reegelméissegem Echange mat de Bildungspartner hunn eis guidéiert fir kloer Recommandatiounen a Richtlinnen fir d'Benotzung vum Smartphone ze developpéieren, dëst op Basis vu wëssenschaftlechen Indicatiounen vum Dr. Serge Tisseron.

Dës Recommandatiounen, déi op Basis vun engem breede Consultatiounsprozess mat Direkteren, Enseignantsgewerkschaften, Elteren a Schülerverrieder beschwat goufen, gi per groussherzoglecht Reglement festgehalten an trieden an der Grondschoul ab Ouschteren 2025, an de Lycéeën ab Péngschten 2025 a Kraaft. An dem Consultatiounsprozess mat den Direktiounen vun de Lycéeën ass ervirgaangen, datt de MENJE e kloer Kader soll setzen, deen et de Lycéeën soll erméiglechen an hirer Autonomie Upassungen virzehuelen, déi hirem Konzept an hire raimlechen Bedingungen entsprechen. Den aktuellen Modell entsprécht dës Recommandatiounen.

Eng kloer Dokumentatioun vun de Modeller an de Suivi ginn duerch de MENJE assuréiert. Et goufen och scho Gespréicher mam ONQS fir de Projet ze begleeden.

Bis haut huet de MENJE keng Kenntnis vun enger Demande vu Wëssenschaftler fir d'Aféiereung vum Smartphone-Verbuert wëssenschaftlech ze begleeden. Esou eng Demande ass am Moment nach net formuléiert ginn. De MENJE wäert esou eng Demande le moment venu analyséieren a gegebenefalls ënnerstëtzen.

Lëtzebuerg, den 10. Dezember 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH